# Dateschutz Informatioun (*Disclaimer/privacy policy)*

**Allgemeng**

Déi follgend Informatioune ginn Iech een einfachen Iwwerbléck doriwwer, wat mat Äre perséinlechen Datë geschitt wann Dir eis Websäit besicht. Dat sinn all déi Daten, mat deenen Dir perséinlech identifizéiert kënnt ginn.

Mir als Organisatioun (Biergerinitiativ Quo vadis Käerch asbl.) an och Besëtzer vun der Säit "quovadis.lu" registréieren keng perséinlech Datë vun de Gäscht op äiser Säit.
Mir wëssen deemno net, wien Dir sidd a mat wat fir engem Gerät Dir kuckt, och net vu wou aus Dir bei äis kommt.

Dat verhënnert awer net datt de Provider, den d'Plattform zur Verfügung stellt wourobber äis Säit gespäichert ass a funktionéiert, technesch "cookies" (kleng Dateien déi bei Iech op d'Gerät geluede ginn) setzt, fir sécherzestellen dass alles korrekt kann duergestallt ginn. **Dat heescht dass dëst si muss fir ze garantéieren dass alles richteg funktionéiert,** egal mat wéi engem Gerät dass Dir äis Säit kuckt (Computer, Tablet oder Smartphone). Och ass dat ofhängeg vum Betribssystem op Ärem Gerät a mat wéi engem Internetbrowser Dir kuckt. Des "cookies" sinn neideg a ginn allkéiers nei gesat.

Aus Sécherheetsgrënn erhieft a späichert de Provider vun eise Säiten automatesch Informatiounen a sou-genannte Server-Log-Dateien, déi Äre Browser automatesch iwwermëttelt. Dat sinn ënner anerem Internetbrowser-Informatiounen, Betribssystem-Informatiounen, IP-Adress an Auerzäit.
Dorobber huet d'Biergerinitiativ Quo vadis Käerch keen Afloss an och keen Zougrëff.

Wann Dir eis en Email op "info@quovadis.lu" oder op "quo.vadis.kaerch@gmail.com" schéckt, registréiere mir selbstverständlech Är Datë wou Dir selwer ugitt an dëst fir kennen ze äntweren an och e Suivi vun der Kommunikatioun mat Iech ze hunn. Wann Dir dat net wëllt da schéckt eis keen Email.

Mir behandelen dës Daten diskret a ginn dës Datë selbstverständlech net un Drëtter weider.

**Am Fall wou Dir Member bei der Biergerinitiativ Quo vadis Käerch sidd.**

Follgend Datë gi vun all Member gespäichert: Numm, Virnumm an Adress.
Eng Telefonsnummer an Email Adress just wann Dir eis dës ugitt.

Dës Datë gi gebraucht fir Iech Informatioune vum Veräin zoukommen ze loossen.
Déi perséinlech Datë vun de Membere ginn net ausserhalb vu sengem Zweck benotzt an och net weidergereecht.

Aus techneschen a Sécherheetsgrënn gi Kopië vun allen Daten op backup Systemer gespäichert wéi z.B. externe Späicher, Backup Server, oder aner techneschen Arrichtungen.

Fir d'Datebank zoustänneg ass d'Biergerinitiativ Quo vadis Käerch.

Käerch
Stand Juli 2025 (vers. 4)